



De Projet de loi 6220 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6220 est adopté à l'unanimité des 60 votants.*

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval (par Mme Christine Doerner), Nancy Arendt (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Da kéime mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6144.

## 13. 6144 - Projet de loi modifiant et complétant la loi du 20 avril 2009 portant création du Centre des technologies de l'information de l'État (suite)

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6144 ass ugeholl mat 57 Jo-Stëmmen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6144 est adopté à l'unanimité des 59 votants.*

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par Mme Martine Mergen), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein (par Mme Claudia Dall'Agnol), Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Henri Kox;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer elo zu der Motioun vum Här Claude Adam iwwert den neien Agrarcenter. Hei hu sech schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen a Colombero. An elo huet den Här Adam d'Wuert als Auteur vun der Motioun.

**(Interruption)**

Den Här Diederich schreift sech och nach an.

## 14. Motion de M. Claude Adam relative à l'implantation du nouvel «Agrarcenter» à Colmar-Berg Exposé

**(Brouhaha général)**

► **M. Claude Adam** (déi gréng), auteur.-Här...

Ech waarden emol nach.

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Adam zu deem wichtige Sujet nozelauschteren!

► **M. Claude Adam** (déi gréng), auteur.-Merci, Här President. Merci, datt ech nach eng Kéier kann iwwert déi Motioun, déi ech de 27. Januar 2011 hei déposéiert hunn, schwätzen an erklären, ëm wat datt et eis geet.

Mir wëssen, datt an den Agrarmilieuen zënter méi Laangem en neie Site gesicht gëtt fir en neie Centre agraire. Do gëtt et och eng Rei Ursachen derfir, firwat datt dee Site gesicht gëtt. Eng Rei si finanzieller Natur. Eng Rei si ganz einfach urbanistescher Natur.

Ech mengen, mir wëssen et alleguer, datt op deemselwechte Site och e Schluechthaus steet, wat 2004 opgehalen huet mat Schluechten a souguer den 11.12.2010 seng ganz Produktioun agestallt huet. Mir wëssen och, datt mëttlerweil op deem Site zwee Lycéeën amgaange si gebaut ze ginn, déi den Hierscht solle fäerdeg ginn. A mir wëssen och, datt d'Gemeng Miersch zesumme mam Intérieur a mam Aménagement du Territoire eng Consultation rémunérée gemaach huet, fir ze kucken, wéi de Site sech ka positiv entwéckelen, och am Intérêt vu Wunnen a Schaffe ronderëm d'Gare.

Et ass also gewosst, en neie Site muss hier. An déi Sich ass scho méi laang amgaangen. Dat steet dann och an der Motioun. Schon 2009 ware Verhandlungen tëschent dem Verband an der Gemeng Colmar-Bierg. Dunn ass awer kuerz virun de Wahlen 2009, virun de Chamberswahlen 2009 op enger Wiss zu Miersch gesot ginn: „Elo hu mer en neien Terrain fonnt, an zwar zu Pëtten bei Miersch.“

Dat war eng Décisioun, déi ganz ëmstridde war vun Ufank un. Do waren eng ganz Rei Ëmweltorganisationen op d'Barrikade geklomm. An och déi Proposition huet dozou gefouert, datt eng Biergerinitiativ entstanen ass. Mir hunn och als Gréng direkt gesot, dat do ass eng ganz onglécklech Wahl vun engem Terrain, den dierft een am Fong geholl guer net a Betruecht huelen.

Mir haten och, de Camille Gira an ech selwer, eng Question parlementaire gestallt un den deemolegen an aktuelle Minister Marco Schank, datt d'Regierung sech sollt aschalten an aktiv hëllefen, e Site sichen. Mir sinn nämlech der Meenung, datt een neie Site fir en Agrarcenter eng national Aufgab ass an net just eng lokal därff sinn, an datt et do wichtig ass...

**(Brouhaha général)**

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden, dem Här Adam nozelauschteren!

► **M. Claude Adam** (déi gréng), auteur.-Merci fir d'Ënnerstëtzung, Här President.

**(Interruptions)**

Mir sinn dann och frou, och wann de Minister deemools eis an der Question parlementaire géantwert huet, dat wier e private Projet an dat wier nach net un der Regierung, fir do ze hëllefen; mir sinn awer frou, datt mer dann elo d'Kéier kritt hunn

an datt mer da gesinn hunn, datt de Minister sech ageschalt huet. En hat Gespräicher mat der Colmer Gemeng, an dat huet dozou gefouert, datt de 16. Dezember 2010 de Colmer Gemengerot an enger Décisioun festgehalen huet, datt dann deem Agrarcenter soll op Colmar-Bierg kommen niewent déi Testpist, déi zu Colmar ass.

Voilà, dat wier am Fong geholl dat Wichtigst...

**(Hilarité)**

...zu deem Projet.

Mir sinn der Meenung,...

**(Interruption)**

...datt et wichtig ass, datt mer kënnen plangen. Et ass souwuel eng SUP, eng strategesch Ëmweltprüfung fir den Terrain zu Miersch gemaach ginn. Elo muss erëm eng gemaach gi fir deem Terrain vu Colmar. Et si Pläng gemaach ginn, wann een d'Implantatioun zu Colmar géif maachen, déi sinn do erëm ugepasst ginn, wann een d'Implantatioun géif zu Miersch maachen. An elo muss ee se erëm upassen.

Mir si schonn der Meenung, datt et wierklech wichtig ass, datt hei Planungssécherheet ass, datt de Verband och weess, a wéi eng Richtung datt e soll plangen an datt e sech soll organiséieren.

Mir wieren duerfir frou, wann d'Chamber géif d'Regierung ënnerstëtzen op deem Wee, dee se dann elo anscheinend bereet ass ze goen, datt méiglechst schnell kënnen Neel mat Käpp gemaach ginn. An zwar op deem Site zu Colmar, deem, ech mengen, eng ganz Rei - à première vue op alle Fall - Avantagen huet, souwuel landschaftsplaneresch wéi naturschützeresch, par opposition zu deem Site zu Pëtten bei Miersch.

Ech soe Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Adam. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Landwirtschaft, déi Lëtzebuergesch an déi europäesch, mécht ee permanente Stresstest mat. Déi verschidde Krisen, d'Wirtschafts-, d'Finanz- an d'Energiekris haten an hunn Auswierkungen op d'Mäert vun de landwirtschaftleche Basisprodukter. Dës Mäert si méi volatil ginn. Dorobber muss reagiert ginn. Och hei zu Lëtzebuerg.

Och hei zu Lëtzebuerg brauche mer méi modern Veraarbechtungsinstrumenter. Mir müssen eng offensiv Entwécklungsstrategie développéieren. Duerfir müssen eis Genossenschaft wuessen, fir den Zougang zu Mäert ze behale respektiv op nei Mäert virzedrénge. Mir müssen d'Genossenschaftswiese méi no un d'Bauere bréngen, fir d'Genossenschaftsbewusstsein ze stäerken an hir Arichtungen op eng breet Basis ze stellen.

D'Landwirtschaft kann net ouni effizient an zentral Strukturen auskommen. D'Landwirtschaft brauch een Agrarcenter, an et därff keng zousätzlech Zäit verluer goen.

D'Primärprodukter müssen hei am Land weiderverschaft ginn, fir eng Plus-value ze schafen. Mir dürfen eis op kee Fall vum Ausland ofhängeg maachen. Duerfir muss deem neien Agrarcenter esou séier wéi méiglech realiséiert ginn. Et ass ee Projet vun nationaler Bedeitung.

Mir müssen d'Landwirtschaft als ee vun de Motoren vun eiser Gesellschaft stäerken. D'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg, dat si ronn 2.250 Betriber, déi 130.000 ha Land notzen. Ronn 1,8% vun der aktiver Bevölkerung schaffen an der Landwirtschaft.

Här President, dës Landwirtschaft ass zënter Jorzengeen op eng seriö Aart a Weis op der Sich no engem neie Standuert. Si huet ëmmer grouss Wäert op Transparenz geluecht a war dobäi bei de successive Regierungen ëmmer am Kontakt mat den zoustännegen Administrationen a Gemengen. Hei zu Lëtzebuerg ass et definitiv net einfach, en Terrain ze fanne mat zentraler Lag am Land, dee gutt un d'Verkäiersnetz ugebonnen ass, dee mindestens

néng Hektar grouss ass an dobäi och nach disponibel ass. Net all Gemenge sinn och vis-à-vis vun der Implantatioun vun esou engem Projet positiv gestëmmt.

D'Gemeng Miersch huet eng responsabel Haltung ageholl a wollt hëllefen, ee Projet vu 50 Milliounen Euro Invest mat 120 Aarbechtsplaze méiglech ze maachen. Miersch sollt de landwirtschaftlechen Zentrum vum Land bleiwen. An hirem Entwécklungsplang ass och virgesinn, déi bestehend agroindustriell Aktivitéiten op der Mierscher Gare ze delokaliséieren.

Miersch fillt sech dem Agrarsektor verpflichtet als Secteur primaire vun der nationaler Economie, an dat ëmsou méi, well mat engem Agrarzentrum Aarbechtsplazen erhalte respektiv neier geschafe ginn, an esou ee Projet där lokaler a regionaler Economie zeguttkënn.

Parallèll kann op der Mierscher Gare een neie Wunn- a Geschäftsquartier entstoën. D'Gemeng Miersch wollt d'Jalone setzen, fir sech als Stad am Zentrum vun eise Land ze positionéieren mat engem komplett neie Stadquartier. Do sollt een neie Lycée kommen, Wunnenge gebaut ginn, Geschäfte, a Plaz fir Sport a Kultur sollen dohinner kommen, op engem honnertprozenteg IVL-kompatibele Site. Een aus landesplanerescher Siicht luewenswäerte Projet mat Virbildcharakter.

Här President, ech wëll d'Gemeng Miersch ausdrécklech luewe fir hire Courage an hiren Initiativgeescht am Dossier Agrarcenter. Si hat net den Nimby-Reflex, mä huet sech aktiv agesat, fir der Landwirtschaft weiderzuhëllefen, dat mat der Ënnerstëtzung vun der deemoleger CSV/LSAP-Regierung.

**(Interruption)**

Ech hunn et virdru gesot, d'Realisatioun vun engem Agrarcenter därff net weider verschleeft ginn. Mir dürfen d'Landwirtschaft net am Ree stoe loossen. Genuch wäertvoll Zäit ass verluer gaangen. Genuch Geld ass an Etüden a Planunge gestach ginn. Mir müssen ouni gréisser Polemik dësen Dossier weiderdreiven.

Ech muss duerfir och soen, datt ech u sech de Sënn vun dëser Motioun net wierklech agesinn, wann ech op där anerer Säit gesinn,...

**(Interruptions)**

...wat fir eng Décisioun vun der Regierung an entre-temps vun der Gemeng Colmer-Bierg getraff gi sinn. Ech hunn d'Gefill, wéi wann hei oppen Dieren ageannt géife ginn...

► **Plusieurs voix.**- Aaahhh!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- ...a vläicht souguer de lokale Gemengewahlkampf zu Miersch sollt lancéiert ginn.

► **Une voix.**- Oioioi!

► **Une autre voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen** (DP).- Ech halen et juristes och fir diskutabel, sech op ee Plan sectoriel ze beruffen, deem nach net gesetzlech bindend ass.

Well et awer esou ass, datt et eisen ausdréckleche Wunsch un d'Regierung an déi betraffe Gemeng ass, fir d'Genehmungsprozeduren ze accélérieren a well et och de Wunsch vun eis un all aner Mouvementer ass, fir d'Realisatioun vun engem neien Agrarcenter net opzehalen a konstruktiv matzeschaffen, droe mir d'Motioun mat, och wa se, wéi gesot, an eisen Aen oppen Dieren arennt.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**(Interruptions diverses)**

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Etgen. An elo kritt den Här Colombero d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR).- Dergéint geschwat an derfir gestëmmt!

**(Interruptions diverses)**

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, betreffend dës Motioun vum Här Adam si mir der Meenung, dass den aktuelle Site, deem zu Miersch ass, dass dat nach ëmmer dee beschten an optimaalsten ass.

**(Interruptions)**